adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
20 NOV. 2014
727

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. November 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Emweltminister an den Här Agrarminister weiderzeleeden.

De Wollef breet sech elo zënter Joeren nees an Europa aus an eruewert seng aal Revéieren zréck. A Frankräich sinn no bei Lëtzebuerg schonn dräi därer Déieren nogewisen ginn, an och d'Eifel waart drop, dass d'Wollefsprësenz do nees confirméiert gëtt. An deem Kontext wollt ech der Madame Ëmweltminister an dem Här Agrarminister dës Froen stellen:

1) Ginn d'Wollefsmouvementer an eisen Nopeschlänner vun der Lëtzebuerger Regierung suivéiert a gëtt et Estimatiounen, wéini de Wollef zu Lëtzebuerg nees doheem wärt sinn?

2) Wéi preparéiert sech d'Land drop, dass de Wollef erëmkennt? Wéi ginn déi Baueren indemniséiert, déi Déieren gengen vum Wollef geholl kréien? Gëtt et Iwwerleeungen fir speziell Cloturen an Hënn ze finanzéieren, déi Hausdéieren an Agrarbetrieber virum Wollef kënnen schützen, esou wéi dat a Frankräich gemaach gëtt?

3) Wat fir eng Wollefspopulatioun kinnt fir Lëtzebuerg ouni Problemer gedroën ginn? A fir d'Groussregioun? Gëtt ët do grenziwwergräifend Iwwerleeungen an Koordinatioun? Wat fir legal Weeer gëtt ët, fir d'Populatiounen vun deem geschützten Déier ze reguléieren, z.B. am Fall vu Krankheet oder Iwwerpopulatioun?

4) Wat bedeit de Retour vum Wollef am Kontext vu Krankheeten, wéi zum Beispill der Tollwut?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

**Réponse commune de Madame la Ministre de l'Environnement et de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n°727 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser**

ad1) D'Naturverwaltung (ANF) suivéiert d'Ausbreedung vum Wollef an eisen Nopeschlänner säit dem Joër 2000, an huet regelméisseg mëndlechen Austausch mat auslännesche Kollegen iwwert dat Thema.

Estimatiounen, wéini de Wollef zu Lëtzebuerg nees doheem wäert sinn, ginn et keng. De Retour vum Wollef op Lëtzebuerg kann nach 10 Joer daueren, kann awer och muer schon de Fall sinn. Net auszeschléissen ass och, dass de Wollef an de läschte Joeren schon duerch Lëtzebuerg gezunn ass, mee dat ass natiirlech op Grond vu senger extremer Schei viru Mënschen net onbedengt einfach ze soen, well net all Wollef onbedéngt detektéiert gëtt.

ad2) D'ANF an den Emweltdepartement vum Ministär fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen si sech säit Joeren bewosst, dass de Retour vum Wollef méiglech ass. An der Ausbildung vun de Jongjeeër zum Beispill gëtt de Wollef säit iwwer 10 Joer thematiséiert. Eng Indemnisatioun vu Baueren fir Déieren, di vum Wollef génge geholl ginn, fällt an de selwechte Kader wéi d'Indemnisatioun vum Schued duerch aner geschützten Déieren wéi den Dachs.

Lëtzebuerg kann net mat Frankräich verglach ginn. Déi Hausdéieren, di vum Wollef regelméisseg geholl ginn, si Schof. Aner Iwwergrëff (z.B. op Ranner) kommen zwar vir, mee sinn extrem selten. A wann ee Schued bei Hausdéieren festgestallt gëtt, dann muss deen esou indemniséiert gi wéi uewe beschriwwen.

ad3) Well dës Déieren keng administrativ Grenze kennen, ass dat do éischter eng theoretesch Fro, di een also och nëmmen theoretesch (mee net praktesch) ka beäntwerten. Wann een als Ausgangsbasis eng Revéiergréisst pro Ruddel vun 250 km² hëllt, wieren zu Lëtzebuerg theoretesch 10 Ruddele méiglech (Ruddelgréisst an der Reegel: 6-10 Déieren). Vu dass Lëtzebuerg awer an der EU dat Land mat der meeschter Zerschneidung ass, an och soss virun allem am Süden vill besiedelt ass, wier an der Praxis natiirlech mat vill manner Wëllef ze rechnen. Insgesamt awer sinn d'Ardennen (franséisch a belsch Ardennen, Éislek, Eifel) absolut geeegent fir de Wollef, suwuel a Punkto Liewensraum wéi a Punkto Nahrungsangebot (héich Wëlddichten).

D'ANF ass de Moment an informelle Gespréicher mat de Fachleit aus den Nopeschlänner, fir eng grenziwwerschreidend Expertengrupp op d'Been ze stellen, en vue vun der Ausaarbechtung vun engem grenziwwerschreidende Managementplang. Dee Plang muss virun allem vill Sensibilisierung virgesinn, well vill Mënschen op Grond vu Märercher wi „Rotkäppchen" ee falscht Bild vum Wollef hunn.

Ze reguléieren brauch een de Wollef net, well et op Grond vu senger territorialer Liewensweis net zu Iwwerpopulatiounen ka kommen. Déi Krankheet, di beim Wollef als am problemateschsten unzegesi wier, wier d'Tollwut. Lëtzebuerg ass awer säit 2001 offiziell tollwutfräi.

ad4) D'Tollwut stellt säit dem Ufank vun dësem Joerhonnert an der Groussregioun kee Problem méi duer.